eng KLACK fir eis SPROOCH 26. Joer Nr. 256

**Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch**
20, Conter-Strooss – L-5955 Izeg – Tel. 47 06 12
E-Mail: actioun@letzebuergesch.lu – lexroth@pt.lu
http://www.actioun-letzebuergesch.lu – Cotisatioun: 15 €
CCPL LU75 1111 0066 4448 0000
BCEE LU52 0019 1000 7250 4000

Comité a Redaktioun:
BACHE Claude (President), KAELL Patrick (Sekretariat), WACHTER Romain (Finanzen), ROTH Lex (Vize-President a Redaktioun), ATTEN-HAAG Mariette, EHLERINGER Patrick, KLEIN Alexis, MATHIEU Monique, WEBER Vic, WEIDIG Tom (Memberen)
Nächst Klack (Nr. 257): Samschdes, de 4. Januar 2020

vum Lex Roth



*An engem groussen Orchester gëtt et en zimlech opfällegt Instrument, dat dacks an engem Stéck ‚geschloe' gëtt, wann et en aneren Dréi (Takt, Melodie,Charakter) kritt; do ginn zwéi blénkeg-metallen Deckelen openeegeschlo; déi heeschen op Däitsch ‚Becken', op Franséisch ‚cymbales'... mä just hei hu mir e flott Beispill, datt eis Sprooch hiert eegent klengt Liewe féiert, an zwar heescht dat Instrument JUMMDECKELEN! De Verglach mat deem, wat elo mat eiser Constitutioun lass war, läit zimlech no: D'Jummdeckele si geklaakt ginn; den ‚Takt' huet gewiesselt, et guff en aneren ‚Dréi', an elo geet et weider... ‚jummt' et dann elo fir eis Sprooch?*

# Dajee elo!

Et huet eppes sech fir eis nei Constitutioun gemaach... et gëtt ganz einfach keng nei gemaach! D'Saach kritt eng aner ‚Kéier'. Dat ka jiddereen als Bierger natierlech politesch kucke wéi hie wëllt; mir gesinn et hei emol aus dem Eck fir eis Sprooch... an do schéngt **déi ganz Kniwwelerei gelungenerweis elo mol guer net esou iwwel fir eis Sprooch** auszegesinn – iwwer déi d'Chamber sech jo ewell mat grousser Majoritéit mat der Spezialcommissioun eens war – deemno eng oppen Dier! Et heescht jo, 't wier näischt esou schlecht, et hätt säi Gutts, oder?

Hei soll, wéi et schéngt, dann och an deer momentaner Situatioun eng **Lëscht vun de Prioritéite fir d'Verfassungsännerungen** opgestallt sinn, also watfir Texter dann elo stéckerchesweis mat enger obligatorescher 2/3-Majoritéit vun den Deputéierten an eist Grondgesetz ageschriwwe ginn; da brauch et kee ‚Referendum'...mat deem eis Sprooch ower och gutt hätt kënne liewen. Bei deenen opgezielten Elementer/Artikelen, steet **d'Lëtzebuergescht ganz vir op deer éischter Plaz.** Batschdeg!

Datt déi Saach d'Kéier esou giff kréien, hätt ee sech jo wierklech net kënnen dreemen, nodeem wéinstens 15 Joer fir eis Nationalsprooch – vum Willy Bourg senger (am Märeler Park versprachener) Demande un – an der Constitutioun argumentéiert, räsonéiert, gestëppelt a gewuddert ginn ass; anescht léisst et sech jo bal net nennen. **Wéinstens 45 Artikelen an Artikelcher konnt dir hei an eiser KLACK dofir/doriwwer fannen;** déi guffen och an enger klenger Brochure zesummegestallt, déi jidderee krut, deen sech dofir intresséiert huet, natierlech och all Member vun eisem alleréischten nationale ‚Gremium', der Chamber. Si ass esouguer nach ze kréien.

Gewëss: et fënnt een an deer ‚aler' Constitutioun aus de 40er Joeren en Artikel, dee seet, datt den ‚emploi des langues réglé par la loi' soll sinn; vun eiser eegener Sprooch, dem Lëtzebuergeschen, ower kee Pipjeswuert! Deem sollt da mam verstännege **Gesetz ‚sur le régime des langues' vun 1984 zimlech opgehollef ginn...** dat ower bis haut nëmme just mat engem Been op dem Grondgesetz vum Grand-Duché gestanen huet, **wourop sech zënterhier ower alles stäipt, wat duerno juristesch iwwer a fir eis Sprooch geschitt ass:** D'Lëtzebuergescht an der Nationalitéitsfro; d'Kadergesetz vum ‚Institut des langues'; d'Regulatioun vun akademesche Grade fir d'Lëtzebuergescht; d'Schafung vum Commissariat fir eis Sprooch an dem Zenter fir d'Lëtzebuergescht... Mir menge kënnen ze soen, datt eis KLACK fir d'Lëtzebuergescht an eiser Constitutioun gehéiert ass ginn... souzesoe mat ‚Lobbyfonctioun'! **Mega-super-krass!**

Ower: D'Constitutioun ass eng Saach; d'Gesetzer, déi no hir gemaach ginn, eng aner; d'Reglementer, déi aus de Gesetzer wuessen, eng drëtt... an **d'Ëmsetzen an d'Wierklechkeet, souzesoen ‚a Musek' zugudderlescht dat Wichtegst.** Sidd ës sécher, datt déi verschidden Autoritéiten sech dobäi kënnen op eist Matmaache verloossen. D'Actioun-Lëtzebuergesch war, ass a bleift fir eis Sprooch an deer éischter Rei. Dat si mir iwwregens och deene schëlleg, déi den 10. Oktober 1941 mat Läif a Liewen dofir riichtgestanen hunn!

***Mir wënschen all eise Membren an de Frënn vun eiser Sprooch giedeleg-zefridde Feierdeeg an e feine Spronk an dat neit ... Schaltjoer 2020!***

# Theatertexter vum Tit Schroeder

*E léiwe Mënsch, e gudde Proff, eiser allerbeschter Schrëftsteller een: vrun 30 Joer ewell mat der **Sëlwerplack Dicks-Rodange-Lentz** vun der Actioun Lëtzebuergesch geéiert. **De Syndikat vun Useldeng** (senger Heemecht) huet elo, no senge wonnerbare Gedichter, och **d'Theaterstécker vum Tit Schroeder** an engem genësseg gemaachte Buch erausginn. Et ass 20x seng Sue wert > **35€!***

***Kontakt:** Jos Wampach, Useldeng (Tel. 621 663 677) – **Kont:** IBAN LU41 1111 0167 4965 0000*

# Eise klenge CONCOURS

Et muss een äis bal ëmmer erëm dovun iwwerzeegen, datt eis Sprooch e Stéck vun eiser Identitéit ass, déi iwwregens – mat all Respekt fir déi immens intressant europäesch Sprooch(e)kultur – guer net esou iwwel an deem wonnerbare Mosaïk mécht, wou e bësse méi héich getréppelt vun ‚indo-europäesche' Sprooch rieds geet. Emol net ze schwätze vun eiser eemoleger ‚polyglotter' Sproochsituatioun, déi d'Lëtzebuergescht äis nun emol schenkt. Datt eis Sprooch, nieft den däitschen a franséischen ‚Aflëss' (Germania+Romania) ower och ‚HIRES' huet, kënnt dir am Bichelchen ‚ABEEJO!' mat e puer honnert Beispiller fannen, déi nun emol einfach a keng aner Sprooch direkt/eeriicht iwwersetzbar sinn. Et huet äis ‚gekëddelt', fir emol gewuer ze ginn, ob a wéivill Leit sech géingen intresséieren, fir do matzemaachen... et ass nun emol net esou einfach (an net jidderengem ginn!), net nëmmen eenzel Wierder, mä Sätzercher zesummenzelammelen, fir do matzemaachen. Mir hunn ower HONNERTE Beispiller erageschéckt kritt, vun deenen der dann eng ‚Bakescht' an deer KLACK solle bruecht ginn. ... da probéiert emol, déi an eng aner Sprooch ze iwwersetzen! Quantitéitsméisseg fanne mir de Jean Kandel (350!) op deer éischter Plaz vun all dësen treie ‚Mataarbechter'. Wat d'Qualitéit vun de Beispiller ugeet, steet d'Madame Jeanine Theis-Kauth (beschtbekannten Dichterin) ganz wäit vir! Hei dann, der Saz-Zuel no, eng Partie Nimm vun eise ‚Laureaten':

**Jean Kandel – J.Theis-Kauth – Irène Hoffmann-Felten – Carmen Colbett – Oestreicher Jeannot – Luc Marteling – Kirchen Eliane – Sylvie Mischel – Jean Weis – Claude Bellion – Jacqueline Schmit – Michel Lauer – Alain Moos – Romain Jung-Seiler – Jeannette Cannivy – Alphonse Cruchten – Martine Weber – Jemp Rollinger.**

**Bravo a merci! Si alleguer sinn häerzlech op eis Generalversammlung invitéiert (Datum+Auer+Lokal an deer nächster KLACK). Hei dann eng ‚Maandel' Beispiller; iwwersetzt déi emol**

*E Bommel grommelt am Neelchesstack – Hien ass gejauft wéi vun enger Harespel gepickt – Hie krut eng an d'Laiskaul aplaz eng Kamell – Et ass fir ze vrecken, do gëtt et näischt ze radetten – D'Schnauer bretzt sech mat hirem Liddehanes vu Mann – Dem Jos säin Hick huet sech net ginn – Schwätz dach kee Kabes, du Blani – E Plakegen huet dacks näischt an der Täsch – Tommel dech, mä net ze séier – Hal elo op mat deem Gesouers – Du kriss eng geklaakt, dass de d'Rad schléis – D'Kunni ass verfroossen a braddelt vill Brach – Watderjomer ass dat do? – Elo ginn ech een huelen – Bréng nach en Äerbel mat vun der Genn – Ech gi mir dach keng rappen/fänken – Seng Freiesch huet hie gelleg noneegemaach – Jang, du hues de Läpp aus der Box – Wat hues du dech erëm begladdert – Hie fuddelt an engem Stéck bei der Kaart – Déi pupesch Zara ass just e Scholdaasch – Eis Bom ass nach laang net mëll an der Bier – Du hues mir eng fatzeg gekréckelt – Dee Blatzkueder huet keng zerguttst an der Kopp – Dee glënnert vu Verfroossenheet – Net zevill an net ze mann, grad giedeleg – Huel de Präbbeli, et fisemt dobaussen – Do hat ech dem Här an de Frack gegraff – Ech si puppsat a packen näischt méi – Deen Dräibiz ass sech ës net zoukomm – Ech war dätsch wéi eng Quetsch – Maach eng Grëtz méi lues – Looss der net fléiwen – Et geet mir elo e Strapp ze séier – En huet sech ewechgemaach, wat gëss de, wat hues de – Hatt ass nawell schéi gouereg ginn – Tommel dech, et huet ewell ofgelaut – Deem Krappege seng nei Box ass schotzmooss – Dat Knätzelkett huet sech ferm erausgefiizt – De Vic ass e Luussert – Wann ech d'Kéier kréien, kommen ech laanscht – D'Schudderen an d'Dronkenelle si mir ausgaang – De Mil huet kee Rouden a kee Wäisse bei sech – Maach keng Fisematenten – Hal d'Staang riicht – Spéngelschësser a Méckepéiler ginn engem op de Su – Gehei dat ewech, dat mouerzt – Ech hunn dës Nuecht nammel erëm vill getiermt – Haalt mat deene Bauzegkeeten op – Rondrëm dee Pull si lauter Dréischelen – d'Wonn guff gedéit, iert se gebutt guff – Héiss net esou haseleg – Dat do wäert alt erëm eng Hänkegt ginn – Sief net esou glott an tockskäppeg – Deen ale Fuesbok huet keng Éierbar an der Bëls – Wëlls du eng Schipp oder e Schiertech? – Klibber mech a géi bei d'Kéi, du Tutebatti – 't ass wéi beim aarme Jang, kee Su a kee Frang – D'Krunnemécken hunn ewell rëm um Comptoir geklunscht – Dat Gebierels a Gejäiz mécht ee mëll – Deen ass esou rabbeleg, just Haut a Schank – Dëslescht guff et gebootschte Grompere mat Stoffi – Wat ass dat eng buuschteg Zatz – Du Rotzbouf kriss elo gläich eng an d'Schnëss – Ei, wat hu mir elo gebafft – Et guff alt erëm eng gestëbst – Gees de mat Spackelter a Mullebutze pläcken? – Gehei déi futtis Fatz an de Lompekuerf – Hien ass vun der Klunsch getrollt – Dee Krappegen huet d'Box hannevir un – Si hunn ee Patt an eng Klensch opgeschott – Hei facht et, well et gepifft guff – Dee Krappert huet keng Éierbar an der Kopp – Deen Topert hunn ech erwiedert an him watglifft gesot. Dat wieren elo mol genuch Beispiller fir dës KLACK.*

**An der Klack Nr 257, vum 4. Januar bréngen mir der dann eng Hatt voll vum Jean Kandel, der Madame Theis, dem Charel Betz an dem Jeannot Oestreicher... a vläicht gëtt d'Buch ABEEJO dann och mat de beschte Sätz vum ‚Concours ‚erstëmpt'... natierlech net, ouni d'Nimm vun de ‚Mataarbechter' dranzesetzen.**